N°3791
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3791 vum 18. März 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Paiement indu d'heures du Compte épargne-temps".**

**1. Kann de Minister bestätegen, datt dës Ausbezuelunge gemaach goufen? Falls jo, op wéi enger gesetzlecher Basis ass dës geschitt, wa keng Cessation des fonctions virloung an ass dës Virgoensweis konform mam Artikel 9 vum CET?**

Jo, dës Ausbezuelungen si gemaach ginn. De betreffende Gemengesyndikat krut am Kader vun de Kontrolle vun de Konte vun den Exercicer 2022 an 2023 de 7. Februar 2024 an de 12. September 2025 matgedeelt, dass d'Ausbezuele vu Stonne vum Zäitspuerkont un e Beamten net konform war zum Artikel 9 vum groussherzogleche Reglement vum 31. August 2018, dat d'Konditiounen an d'Modalitéite fir en Zäitspuerkont am kommunalen ëffentlechen Déngscht festleet. De Gemengesyndikat ass och opgefuerdert ginn, déi néideg Regularisatioune virzehuelen.

**2. Wäert de Staat d'Suen, déi hei ausbezuelt goufen zeréck froen, wann d'Ausbezuelungen net konform waren?**

De Staat huet an dësem Fall keng Suen ausbezuelt a brauch dofir och näischt zréck ze froen. Am virleiende Fall sinn déi onreegelméisseg Gelder vum Gemengesyndikat bezuelt ginn an dofir läit et an der Responsabilitéit vum Gemengesyndikat fir déi betreffend Irregularitéiten ze behiewen.

**3. Wat sinn d'Konsequenzen fir ee Gemengesyndikat, wann den Contrôle financier vum Inneministère Feehleren oder Irregularitéiten feststellt? Hunn dës Feststellungen iergendee legale Wäert?**

D'Observatioune vum Departement vun der Kontroll vun der Gemengecomptabilitéit sinn am Kader vum Artikel 163 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 un dat betreffend Gemengesyndikat geriicht ginn. Et läit fir d'éischt emol an der Responsabilitéit vun de kommunalen Autoritéiten, fir den Observatioune vum Inneminister Rechnung ze droen.

Wann eng Gemengenentitéit dat net maache wëll, dann huet den Inneminister e puer Méiglechkeeten, déi am Gemengegesetz virgesi sinn:

- Den Artikel 163 vum Gemengegesetz gesäit vir, dass den Inneminister, ier en d'Konten definitiv arrêtéiert, déi provisoresch arrêtéierte Konten ënnersicht an net konform Operatioune redresséiert;

- Den Artikel 137 vum Gemengegesetz gesäit vir, dass den Inneminister ordonéiere kann, dass eng geschëllten Recette direkt agedriwwe muss ginn, wann eng Gemengenentitéit dëst refuséiert oder ënnerléisst;

- Nom Artikel 164 vum Gemengegesetz kënnen d'Membere vun engem Bureau perséinlech haftbar gemaach gi fir gesetzeswiddreg Depensen déi se mandatéiert hunn a fir Recetten déi duerch hire Feeler net agedriwwe konnte ginn.

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden